

Evangelium vum 22. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Lk 14,1.7-14

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Eier, Här.*

- 1 Wéi de Jesus eng Kéier um Sabbat
an engem vun de Pharisäer hiren leweschte säin Haus gaang ass
fir z'iessen,
hunn si hie stänneg am A behal.
- 7 Well hien an Uecht geholl huet,
datt d'Gäscht sech d'Éiereplazen erausgesicht hunn,
huet hien hinnen e Gläichnes erzielt.
Hie sot:
- 8 "Wann s du vun engem op eng Hochzäit ageluede gi bass,
da sätz dech net op d'Éiereplaz!
Et kéint jo sinn,
datt méi en Dichtege wéi s du ageluede gi wär,
9 an datt deejéinege kéim, deen iech agelueden huet,
an zu dir soe géif: 'Looss him hei dës Plaz!'
Da misst du ufänken, voll Schimmt op déi lescht Plaz ze réckelen.
- 10 Neen – wann s du ageluede gi bass,
da géi sätz dech op déi lescht Plaz,
fir datt deejéinege kënnt, deen dech agelueden huet,
an zu dir seet: 'Mäi Frënd, réckel méi wäit erop!'
Dat ass fir dech dann eng Eier virun all deenen,
déi mat dir um Dësch sinn.
- 11 Well jiddereen, deen sech selwer erhéicht,
gëtt erofgesat,
a wien sech selwer erofsetzt,
dee gëtt erhéicht."
- 12 Zu deemjéinegen, deen hien agelueden hat, sot hien:

"Wann s du e Mëtteg- oder en Nuechtiessse gëss,
da ruff weder deng Frënn nach deng Bridder
nach deng Famill nach räich Noperen,
fir datt si dech net och nees alueden
an datt s du et esou erëmkriiss!

- ¹³ Neen – wann s du en lesse gëss,
da ruff Aarmer, Krëppelen, Schlammer a Blanner!
- ¹⁴ Da gëss du glécklech,
well si et nämlech net hunn, fir dir et erëmzeginn.
Du awer kriiss et hannescht
bei der Operstéiung vun deene Gerechten!"

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.